
# NEWSLETTER

## Demokratesch Partizipatioun an der Grondschoul









Wëllkomm zur éischter Newsletter zum Thema **Demokratesch Kannerpartizipatioun an der Grondschoul!**

An dëser 1. Editioun kucke mir op dat läscht Joer zréck, a präsentéieren iech wat mir zesumme mat iech 2024 wëllen ëmsetzen.

## SOMMAIRE

Wisou Partizipatioun? S.2

Réckbléck 2023 S.3

Ausbléck 2024 S.6



# Wisou Kannerpartizipatioun an der Schoul?

All Kand huet d'Recht seng Meenung fräi ze soen. Seng Meenung soll gehéiert an eescht geholl gi fir an d'Entscheedungen, déi säi Liewe beaflossen, afléissen ze kënnen. Sou steet et an der Kannerrechtskonventioun vun der UNO, déi Lëtzebuerg 1993 an déi national Legislatioun ëmgesat huet. Zanter dem 1. Juli 2023 erhieft och d'Lëtzebuerger Verfaassung d'Bedeitung vun der Kanner- a Jugendbedeelegung. Dëst verstäerkt den nationalen Aktiounsplang "Zesumme fir d'Rechter vum Kand", dee Partizipatioun als transversalt Thema behandelt.

Kannerpartizipatioun betrëfft all Liewensberäich vum Kand. D'Schoul, als sécheren a gläichberechtegte Raum bitt sech un als ideal Léierwiss, fir dem Kand wäertschätzend Erfarunge mat Partizpatioun an Demokratie ze ginn an et esou op seng Plaz an der demokratescher Gesellschaft virzebereeden. Wann Entscheedungen duerch d'Uleies vum Kand beliicht ginn, ass et méi warscheinlech dass se relevant, nohalteg a vun de Kanner akzeptéiert sinn. Dëst féiert zu engem bessere Klima a bessere Resultater an der Schoul.

Partizipatioun ass awer och en Instrument fir Muechtmëssbrauch entgéint ze wierken. Sech bedeelegen heescht och seng Stëmm fannen an der Gewëssheet dass ee gehéiert gëtt, wann seng Rechter verletzt ginn.

An dëser Newsletter wëlle mir iech déi sëlleg Initiativen zu Kannerpartizipatioun op nationalem an internationalen Niveau illustréieren an iwwer weiderféierend Formatiounsnométteger a Plattformen informéieren. Och stelle mir iech reegelméisseg pädagogescht Material a Projeten aus Lëtzebuerg oder dem Ausland vir, déi iech an ären partizipativen Demarchen ënnerstëtzen kënnen.



***Kanner hunn d'Recht hir Meenung iwwer Froen, déi si betreffen, fräi ze äusseren. Déi Erwuesse mussen hinnen opmierksam nolauschteren a si eescht huelen. Kanner hunn d'Recht, fräi ze äusseren, wat si léieren, denken oder fillen, sief dat duerch Schwätzen, Molen, Schreiwen oder op eng aner Manéier, ausser wann dat anere Persoune schuet.***

**Artikelen 12 an 13 vun der Kannerrechtskonventioun**

# Réckbléck 2023

## “Kinder an die Macht?! Oder herrscht dann Chaos?”

24. Oktober 2023 ; eduPôle




**“Et ass wierklech cool ze gesinn, dass, wann's du eppes sees, dass een dir och nolauschtert an da kuckt, dass een de Problem léist.”**

***Loïs, 10 Joer***
***Kannergemengerot Bartréng***

De 24. Oktober 2023 hunn sech eng ronn 100 Enseignanten an Expert*innen mam Thema Kannerpartizipatioun an der Schoul beschäftegt. De Reflexiounsnomëtteg huet et erlaabt iwwer Konzepter, Modalitéiten a konkret Praxisbeispiller ze diskutéieren, déi et kënnen erméiglechen eng demokratesch Kultur an der Schoul ëmzesetzen.

Unhand vun engem Impulsreferat iwwer d'Demokratieschoul Göttschied aus Rheinland-Pfalz, konnten d'Participanten sech mam Modell an der Virgoensweis, fir sou eng Schoul an Etappen ze entwéckelen, bekannt maachen. A sechs weiderféierenden Ateliere gouf dunn den Inventaire vun de Consultatiounsmodeller a -Praxen zu Lëtzebuerg erstallt.

## W1: Schülerparlament an der Grondschoul? Dat geet!

Duerch e Parlament, an deem all Cycle vertrueden ass, kann een de Bols vun der Schoul fillen an zesumme Projeten entwéckelen oder mol schwiereg Situatioune léisen. Unhand vum Beispill vun der Fentenger Schoul konnten d'Participanten iwwer déi éischt Schrëtt a Richtung vun engem Schoulparlament nodenken, diskutéieren an zesummen Iddien entwéckele, wéi een dat praktesch géif ëmsetzen.

## W2: Partizipatioun op all Niveau: De Kannergemengerot

Kanner sinn déi Bierger*innen, déi am meeschten Zäit an der Gemeng verbréngen. Doduerch sinn si Expert*innen vun hirer Gemeng: Wisou also hir Stëmm, hir Meenung net lauschteren a consideréieren? An dësem Atelier gouf vum Bartrenger Kannergemengerot (KGR) gewisen, dass dat mat Vertrieder*innen aus Schoul, SEA a Gemeng méiglech ass. Et gouf iwwer de Mehrwäert fir di verschidde Säiten an déi méiglech Stolpersteng geschwat, no Ideeën a Weeër gesicht fir en éischt Konzept vun enger Kannervertriedung op de Wee ze bréngen.

## W3: Schüler am Unterrecht bedeelegen um Beispill vun der "Atelierarbeit"




Atelierarbeit beschreift en oppent a partizipatiivt Unterrechtskonzept, dat an de Joren 2005-2007 vun de Mataarbechter*innen vun enger rheinland-pfälzecher Schoul (Demokratieschule Göttschied) entwéckelt gouf. D'Ziel ass et enger heterogener Schülerschaft eegestännegt an individualiséiert Léieren ze erméiglechen. De Workshop huet de Participanten d'Méiglechkeet ginn, d'Grondlage vun deem Konzept kennenzeléieren a selwer praktesch an Atelieren (Sproochen, Mathé oder Konscht) ze schaffe fir eegen Erfarungen an dëser Aarbeschtsweis ze sammelen.

## W4: Partizipatioun an der Schoul: D'Elteren an d'Boot huelen

Elterepartizipatioun ka fir d'Enseignants-Equipe eng lästeg Zousazbelaaschtung ginn. Dobäi hunn d'Elteren déi selwecht Ziler wéi d'Enseignanten: de Kanner eng méiglechst roueg a befriddegend Schoulzäit ze bidden. Well si eng aner Perspektive vum Kand hu wéi d'Schoul, kënnen d'Eltere positiv zu enger ganzheetlecher Schoulentwécklung bäidroen. Wéi dëst konkret funktionéiert, wéi a wou een d'Eltere kann abannen, sou dass si konstruktiv d'Schoul kënne matgestalten an dobäi hëllefen der Stëmm vun de Kanner nozelauschteren an den néidegen Nodrock ze verschafen, gouf an dësem Atelier thematiséiert. Op Gronn vun den Erfarunge vun de Participante goufe verschidde Participatiounsmodeller ënnersicht a Praxisse festgehalen.

## W5: Schoulentwécklung partizipativ gestalten

Unhand vu konkrete Beispiller aus dem schouleschen Alldag gouf an dësem Workshop zesummen analyséiert, wéi d'Prozesser ronderëm d'Weiderentwécklung vun der Schoul kënne participativ gestallt ginn. Wéi een ënnerschiddlech Partner, virop d'Kanner, an de Planungs- an Entscheedungsprozesser zu den Entwécklungsfroe vun enger Schoul bedeelege kann a wat ee brauch fir esou kollektiv Demarchen z'initiéieren, waren déi Elementer déi am Vierdergrond stoungen an diskutéiert goufen.

## W6: Partizipatioun am Cycle 1? Funktionéiert wonnerbar!

Participatioun funktionéiert och bei de Kanner aus dem Cycle 1: Si kennen hir Virstellunge, hir Wënsch an hir Meenung. Och wa si sech villäicht nach net esou kloer ausdrécke kënne wéi di grouss Kanner, hunn si awer och e Recht matzegestalten. Wéi eng Méiglechkeeten et gëtt fir mat engem Cycle 1 participativ ze schaffen, hinne Verantwortung ze iwwerloossen an doduerch e "mateneen" ze entwéckele war d'Thema an dësem Atelier. Nodeem Methoden an Ideeën virgestallt goufen, gouf zesummen am Grupp iwwert Stolpersteng diskutéiert an no Ideeën gesicht, fir e participatiivt Schaffen am Cycle 1 erfollegräich op de Wee ze bréngen.

# Ausbléck 2024




All Trimester gitt dir iwwer eis Newsletter gewuer, wat fir Aktioune geplangt sinn a wéi eng Neiegkeeten et ginn am Beräich vun der demokratescher Partizipatioun an der Grondschoul. Och stelle mir iech regelméisseg pädagogescht Material fir, dat iech an ären Demarchen ënnerstëtze kann.

Wann dir intresséiert sidd eis Newsletter reegelméisseg ze kréien oder an engem Austauschgrupp (MS Teams) deelzehuelen, schéckt eis eng Mail op: thomas.ketter@zpb.lu oder cynthia.jaerling@men.lu.

## FORMATIOUNE

Et gi weiderféirend Formatiounen zu den Themen, déi als prioritär vun de Participanten un der Konferenz agestuuft goufen ugebueden. Fir 2024 sinn dat:

**1 CAMPUSCOMITÉ**

- SEA Personal
- Léierpersonal

**2 KLASSEN-DELEGÉIERT**

Weider Formatiounen, wéi den neie Parcours de formation « Politische Bildung in Schule und Unterricht » fannt dir op der Säit vum ZpB.

## DEMOKRATIEWOCH

Am Kontext vun der Demokratiewoch fannen 2024 fir d'éischt och Aktivitéite fir de Fondamental statt, sou zum Beispill eng Table ronde a Aktivitéiten an de Schoulen/Gemengen.

Stay tuned fir weider Infos !

## ENG FRO ODER E COMMENTAIRE? DA MELLT IECH BEI ONS!


## Herausgeber

**Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**
**Service des droits de l'enfant**
33, Rives de Clausen L.2165 Luxembourg
www.men.lu / info.droitsdelenfant@men.lu

**Zentrum fir politesch Bildung**
138, Boulevard de la Pétrusse
L-2330 Luxembourg
www.zpb.lu / info@zpb.lu

**Erscheinungsdatum**
01/2024
Redaktion, Layout & Fotos
Service des droits de l'enfant & Zentrum fir politesch Bildung

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

ZpB
Fondatioun
Zentrum fir
politesch Bildung